



N° 7
Entrée le 31.10.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Michel Wolter
Luxembourg, le 02.11.2023

Michel WOLTER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/10/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Kultur weiderzeleeden.

Historiker:innen, déi sech fir d'Geschicht vu Lëtzebuerg a sengen Awunner:innen interesséieren, kënnen bei den Nationalarchiven eng Demande maachen, fir am Kader vun hirer Recherche Asiicht an nach net ëffentlech zougänglech Dokumenter ze kréien. D'Demande ka vum Direkter vum Nationalarchiv accordéiert ginn, wann d'Autorité versante hiren Accord gëtt a wann d'Asiicht keng "atteinte excessive à la vie privée de la personne concernée" mat sech bréngt, esou wéi et mam Gesetz vum 17. August 2018 iwwert den Archivage festgeschriwwen gouf. Kritt eng Persoun e Refus op esou eng Demande, da steet et hier op, dem Artikel 17 (7) entsprechend, de Conseil des Archives ze saiséieren, deen dann nach emol mat der Autorité versante a Kontakt trëtt.

Rezent soll et zu Fäll kommen, wou Persounen just partiell Zougang zu Dossiere kruten, obwuel d'Autorité versante den Accès net ofgeleent hat. Villméi hätt d'Nationalarchiv selwer decidéiert, d'Dokumenter just an anonymiséierter Form zougänglech ze maachen, obwuel keng "atteinte excessive à la vie privée de la personne concernée" virleucht.

An deem Zesammenhang wëllt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi definéiert d'Nationalarchiv eng "atteinte excessive à la vie privée de la personne concernée"?
2. Ass et richteg, dass d'Nationalarchiv an dësem Kontext decidéiert huet, Wëssenschaftler:innen insgesamt just nach Zougang zu anonymiséierte Quellen ze ginn, onofhängeg dovun, ob eng "atteinte excessive à la vie privée de la personne concernée" virläit oder net?
Falls jo: Firwat gouf dës Entscheedung geholl?
3. Gëtt et eng gesetzlech Basis dofir, dass d'Nationalarchiv onofhängeg vun der Autorité versante entscheet, ob a wéi Wëssenschaftler:innen Zougang zu Quelle kréien?
4. D'Gesetz vum 17. August 2018 gesäit vir, dass Wëssenschaftler:inne bei engem Refus vun hirer Demande de Conseil des Archives kënnen saiséieren, fir dass dës mat der Autorité versante a Kontakt trëtt. U wie kënnen sech Wëssenschaftler:inne wenden, wann de Refus awer net vun der Autorité versante, mee vum Nationalarchiv selwer koom?

Mat déiwem Respekt,



www.piraten.lu



CLEMENT Sven
Deputéierten



www.piraten.lu